N°3269
Entrée le 19.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'Fonction publique an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Ufro n° 3269 vum 28. November 2025 vum éirewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwert "Problèmes de gestion des ressources humaines dans le Ministère de l'Environnement"**

1. **Wat wäert den Ëmweltminister, Serge Wilmes, ënnerhuelen, fir d'Situatioun um Ëmweltministère ze verbesseren?**

Am Juli 2024 huet de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit (MECB), zesumme mat dem Ministère fir d'Fonction publique (MFP), e Sondage du personnel duerchféiere gelooss. Et war déi éischte Kéier, datt am MECB esou ee Sondage, deen d'Fonction publique schon zanter 2019 als Service ubitt, realiséiert ginn ass.
D'Aarbechtssituatioun ass allgemeng positiv bewärt ginn: Eng Kéier mat 78%, an eng aaner Kéier mat 89 % (positiv oder neutral).
Personalsondage si wäertvoll Instrumenter, fir op eng systematesch Aart a Weis zu engem bestëmmten Zäitpunkt d'Perceptiounen an d'Meenunge vun den Agenten ze sammelen.
Si droe bäi:

- zur Entwécklung vun der Organisatioun an zur Professionaliséierung vum Management;
- zur Identifikatioun vun de Stäerkten an den Entwécklungsméiglechkeete;
- zur aktiver Bedeelegung vum Personal un de Verbesserungsprozesser, wat eng participativ Approche am Management férdert.

D'Resultater sollen als Ausgangspunkt fir Reflexioun an Dialog ugesi ginn. Aus engem Sondage eleng fënnt een d'Grënn net eraus firwat eng Situatioun vun de MataarbechterInnen op déi eng oder déi aner Manéier empfonnt gëtt. Dofir muss een d'Ekippen impliziéiere fir d'Resultater ze kontextualiséieren.

De MECB mécht dat laafend an Atelieren a Formatiounen, déi zesumme mam MFP organiséiert gin. D'Zil ass et, fir d'Echangë mat de Responsabele vun den Ekippen ze verstäerken an d'Zesummenaarbecht ze verbesseren

Am Programme de travail 2025 – 2027 vum MECB sinn zudem eng Partie Projetë virgesinn, déi d'Wuelbefannen vun den Agenten staërken an d'Effektivitéit vu Prozesser, Strukturen a Kapazitéiten vum Ministère férdere sollen.

Folgenden Tableau gëtt dem honorabelen Deputéierten eng Iwersiicht vun den uewe genannte Projeten:

| Objectif stratégique | Objectif opérationnel | Projet |
|---|---|---|
| Développer la maturité organisationnelle | Faire des Ressources humaines un pilier stratégique de la maturité organisationnelle | Organisation d'ateliers de leadership |
| Développer la maturité organisationnelle | Faire des Ressources humaines un pilier stratégique de la maturité organisationnelle | Mise en place de mesures de prévention et d'une procédure de prise en charge en cas de harcèlement |
| Développer la maturité organisationnelle | Promouvoir le bien-être, la participation et la valorisation des agents | Création d'un comité de représentation du personnel |
| Développer la maturité organisationnelle | Promouvoir le bien-être, la participation et la valorisation des agents | Professionnalisation et digitalisation de la gestion par objectif (eGPO): Capitalisation des informations recueillies lors des entretiens individuels ; (An deem Kontext ginn och Formatioune mat de Responsables d'équipe gemaach) |
| Développer la maturité organisationnelle | Promouvoir le bien-être, la participation et la valorisation des agents | Mise en œuvre d'un programme d'incitations aux activités sportives et sociales |

Wat een allgemeng an dësem Kontext berücksichtege muss, ass datt d'Ekipp vum MECB sech an deene leschten 10 Joer méi ewéi verduebelt huet (Stand 2025 : 106 Persounen). Deen immense Wuesstem huet och en Impakt op déi intern Struktur an Organisatioun. Dofir huet mam Regierungswiessel de MECB sech eng nei Gouvernance ginn. D'Zil dovunner ass et d'Beamten, déi eenzel Servicer, déi verschidden Direktiounen am Ministère an och déi dräi Verwaltungen, déi dem Ministère ënnerstinn (ANF, AEV, AGE), aktiv an den Entscheedungsprozess mat anzebannen.
De *Cabinet ministériel* organiséiert dowéint zesummen mat dem Service vun de Ressources humaines reegelméisseg Réunions de service an denen d'Agenten iwwer déi neiesten Entwécklungen um Ministère informéiert ginn. Och hunn all d'Agenten d'Méiglechkeet fir selwer Sujeten op den Ordre du jour ze setzen. De *Cabinet ministériel* huet regelméisseg Reuniounen mat de verschiddenen Direktiounen fir déi lafend Dossieren ze beschwätzen. Mindestens all dräi Méint gesinn sech d'Direkteren aus dem Ministère an de Verwaltungen zesumme mam *Cabinet*

*ministériel* an dem Minister am *Conseil stratégique* fir d'Ëmsetzung vun den Haaptprioritéiten ze evaluéieren. D'Zil vun dëser neier Struktur ass et, Direktiounen a Beamten aktiv mat an déi strategesch Entscheedungsprozesser vum Ministère anzebannen.

Nieft der neier interner Organisatioun, dem Sondage du personnel a sengen Atelieren a Formatiounen, sinn am MECB nach aner konkret Mesurë geholl gi fir d'Wuelbefannen, d'Zefriddenheet an d'Participatioun ze stäerken esou wéi zum Beispill de Sondage „Actions positives", deen zousätzlech mam Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit am Mäerz 2025 um Ministère a sengen dräi Verwaltungen duerchgefouert gouf.

2. **Wat fir eng weider Aktioune wäert de Minister fir den ëffentlechen Déngscht, Serge Wilmes, ënnerhuelen, fir dem Ëmweltministère am Prozess z'ënnerstëtzen?**

An der Fro 1 sinn souwuel d'Aktiounen déi gemaach gi sinn esou ewéi och déi, déi ënner anerem nach ustinn, opgeféiert.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2025

De Minister fir d'Fonction publique
(s.) Serge Wilmes